

Eis »fräiwëlleg« lëtzebuerger Flackhelfer stellen sech vir

Wéi d'Preise keng Leit zevill méi haten, hun se en Appell un Zivilleit gemaach fir «freiwillig gezwungen» sech ze mellen. Fir roueg gelooss ze gin, sin der en etlech Ängstlecher drop eragefall. Mä och si konnten de Preisen nët méi hëllefen de Krich ze gewannen.

## EN ZOUVERLÄSSEGE "COURRIER"

No der grousser Verhaftungswell am Januar 1943 wore jo bal all Haaptleit aus dem L.R.L. verhaft gin oder sin am Ënnergrond verschwonnen. Eenzel Sectiounen awer, wéi z.B. Hesper, woren nach intakt bliwen an hu virugeschafft. Wéi den Distrikt am Februar 1943 op Déifferdang verluegt gi wor, si fir direkt, zouverlässeg Patrioten am néidegste gebraucht gin, fir d'Verbindungen ënner de Sectiounen erëm ze aktivéieren. Ee vun denen Aktivisten wor de Pol Sand vu Fenténg, bekannt fir d'Vertrauensleit ënner der Geheimnummer R 4. D'Wunnéng vu séngen Elteren zu Esch wor reservéiert fir d'geheim Sëtzungen vum neien L.R.L. Aktiounscomité. Fir genee am Bild ze sin iwer d'Plange vun den Alliéierten huet de Kontakt mat dem Conseil National de la Résistance am Frankräich erëm mussen hiergestallt gin.

De Jean MOULIN hat op Uerder vum Generol de Gaulle dësen C.N.R. (27.5.43) gegrënnt an de Sëtz vun dësem General-Headquarters wor an der Auvergne. De Jean MOULIN as den 21. Juni 1943 duerch Verrot verhaft a regelrecht zu Doud gefoltert gin... ouni datt hien e Wuert verroden hat. Doduerch



Och den Albet UNGEHEUER (alias DESMOT) hat Verbindung mam C.N.R. an huet mat der Force française de l'intérieur op déi versprachen Invasioun gewaart. De Pol SAND an den Auguste H. sin a geheimer Missioun den 1. Januar 1944 vun hei an d'Frankräich gefuer, wou de Pol als courrier spécial un enger Sëtzung vum C.N.R. an der Auvergne derbei sollt sin. Zu Paräis hun si eng Nuet beim Misch K. geschlof a si vun do weidergefuer. Wéi d'Missioun erfëllt wor, hun si sech op den Hämwee gemaacht. Fir nët opzefalen, hun si e puer mol d'Räs ënnerbrach an hun nëmmen de Billet vun enger Gare op déi aner geholl. Domat sin si der direkter Kontroll am Zuch entgaangen. Wéi si zu Lonkech (Longwy) aus dem Zuch geklomme woren an aus der Gare erauskomm sin, as e Preis (Gestapo) direkt op de Pol zoukomm, huet séng Papeiere gefrot an hien op der Plaz verhaft. Säi Kolleg Auguste konnt onbehellegt weidergoen. De Pol as an d'Kazett komm... a bis haut konnten déi wéineg Leit, déi vun der "mission spéciale" vum Pol gewosst hun, nët begräifen, wéi dës Verhaftung méiglech wor..? D'Aarbecht vum L.R.L. huet nët ënner der Verhaftung vum Pol gelidden an as mat ganzer Energie virugangen...

## DEN HENTGES LOUIS ZWËSCHE LIEWEN AN DOUD

D'Zuel vun de Refractären, déi vun eise Passeuren iwer d'Grenz gefouert si gin, wor enorm gewuess. Wéi en Däl vun hinnen am Frankräich selwer bliwe sin, hu si versicht häm ze schreiwen. Aner hu verschidde fir si wichteg Saache verlaangt, ouni ze bedenken, datt nach ëmmer eng Grenz zwësche Frankräich a Lëtzebuerg bestoe géng an datt all déi Bréiwer a gewënscht Päck och iwer dës Grenz ënner Liewesgefor geschmoggelt hu musse gin. E vun dene fräiwëllege Bréifdréier an Transportanterprënner wor mäi Frënd HENTGES Louis. Den Trick mat de franséische Krichsgefaangenen als "Hilfsarbeiter in der Landwirtschaft" verkläi mat engem Häl um Réck, mat engem Weenchen oder op dem Teimer vun de Bauere Biver, Schütz oder Lommel wor eis zwéin esou dacks gegléckt, datt hien op d'Iddi komm as och fäerdeg Päck a Bréiwer och op esou eng Manéier iwer d'Grenz ze schmoggelen. Als klenge Selbstversorger hat hien sech e Gaart no bei der Grenz opgemaacht. Beim JOLY Louis, deen am ganze Grenzpassage eng wichteg Roll gespillt huet, hat eise Louis e puer Kanéngercher sëtzen. Datt déi Kanéngercher nët vun der Loft eleng géngen um Liewe bleiwen hun d'Preisen och gewosst a wann de Louis mat séngem Weenchen de Bierg eropgezun as, hat hien nët eleng Hä an aner Saache fir d'Kanéngercher an de Säck, mä och nach Päck, déi am Frankräich un d'Adresse vun eise Refraktäre geschéckt sollte gin. D'Bréiwer hat hien an enger Tut an d'Etikettë mat den Adressen an de Schong. D'Grenzpolizei huet dem Louis séng Aktivitéiten als Kleingärtner an als Kleintierzüchter kannt an hun hien ouni ze froe passéiere gelooss. Et bleift nach ze preziséieren, datt d'Fransousen zu Héiséng dës Bréiwer an och d'Päck nët gratis génge verschécken, si hun dofir Brout verlaangt dat och nët bëlleg an nët vëlleg wor bei eis. De Louis huet



Extrait: De Krich am Ennergrond; Niclas Kremer, 1985

dat Spillchen eng gutt Zäit laang gedriwen bis den 13. Januar 1944, wou hien och erëm mat enger "Ladung" ënnerwee wor. De JOLY Louis hat den Horaire vum Déngscht vun der Grenzpolizei ausgeschniewelt a festgestallt, datt d'Ofléisung vun denen zwéi Posten eréischt an enger Stonn sollt sin. D'Luucht wor also propper, wéi ee seet, an de Moment fir ze passéiere gënsteg. Den Zoufall huet et awer wollt, datt d'Ofléisung 3/4 Stonnen méi fréi koum. D'Preisen, déi wiirklech dem Louis op d'Schléch komm woren, hun hien opgelauert a si viru hien gesprongen. «Was haben sie in diesem Sack?» – «Ich weiß es nicht, jemand hat ihn mir auf den Wagen gelegt.» – «Und wo ist der unbekannte Jemand.» – «Ich weiß es nicht.» – «Ich aber, kommen sie mit... sie sind verhaftet.» De Louis huet de Weenche stoe geloss... an de JOLY, deen déi ganz Zäit d'Saach vu wäitem verfollegt hat, konnt a leschter Minutt d'Päck aus dem Sak eraushuelen, wéi d'Preisen sech mat eisem Louis ofgin hun.

De Louis as an d'Statioun (Grenzposten) gefouert gin, wou deen zwete Grenzpolizist hie mat dem Revolver an der Hand bewaacht huet, wéi de MULLER, (Chef vun der Grenzpolizei) dem Louis séng Kläder duerchsicht huet. Un der Mauer am Büro hung dem MULLER séng Koppel mat dem Revolver dran. De Louis wollt sech an deer Richtung dréinen, wéi de Preis séng Absicht duerchkuckt hat. «Ziehen sie die Schuhe aus.» Elo as et brenzleg fir de Louis gin, well d'Adresse vun de Bréiwer an de Päck a sénge Schong lugen. Hien huet express lues gemaacht, wéi wann hie fir d'éischt Box géng ausdoen. De Chef MULLER huet den Tëlëfon geholl an d'Gestapo ugeruff. «Wir haben einen guten Fang gemacht, anscheinend


Den HENTGES Louis, e groussen a courajhéierten Resistenzler

sogar den Kopf einer Bande.» An deem Moment, wou dem Louis säi Bewacher de Kapp dréit fir an de Büro ze kucken, as de Louis mat voller Kraaft géint säin Bewaacher gesprongen, huet hin op d'Säit gestouss a fort wor hien...

Duerch de Bësch erof iwwer den Tälli vum Crassier erof... D'Preisen hun dräimol op hie geschoss. De Louis léisst sech de Crassier erof rullen, lääft iwer de Plateau vun der aler Schmëdd. An deem Moment hun d'Preisen hien erëm erbléckst an hu véier mol op hie geschoss. Dem Louis as elo keng aner Méiglechkät méi bliwen ewéi en Tälli vun ongeféier 8 Meter erofzesprangen. Dobei as hien esou schlecht opkom, datt hien haart gejaut huet, esou wéi hat hien sech am Réck gedoen. D'Preisen woren awer der Menung si hätten hie getraff wéi hien vu Péng gejaut huet. Elo iwer déi al Eisebunn, 50 Meter duerch déi kleng Baach, déi d'Grenz mécht, (wéint den Honn) an de Louis wor am Frankräich. Mat Hëllef vun de franséische Gendaarme vun Héiséng huet hien sech an enger klenger Ferme am Héngerstall ënner engem Koup Fäsche verstoppt. An der Wunnéng vum Louis lugen nach 20 Päck a bal 80 Bréiwer, zwee Gewierer an e Revolver. De JOLY Louis huet d'Noriicht op Déifferdang gi vum Louis sénger Evasioun. Direkt hun de Bip, de Goldschmit's Franz an den Anton's Pir alles a Säck gemaacht an ewech transportéiert. Et wor keng Minutt ze fréi, well d'Gestapo wor gläich do an hun d'Wunnéng vum Louis duerchsicht a besat. Véier Mann lugen dräi Deg op der Lauer. D'Yvonne, séng Fra huet d'Wunnéng nët duerfe verloossen. Esou guer dem Yvonne séng Mamm, déi no him kucke komm as, huet d'Haus nët méi duerfe verloossen. De Louis sutz 2 Deg am Héngerstall a wéi d'Héngerlais hien ze vill gebass hun, as hien iwer de Rollesbierg an der Nuecht erof bei séng Wunnéng geschlach am Haus SCHODER, um Enn vun der Biergstrooss. Hien huet awer gläich gemierkt, datt d'Luucht nët propper wär an do as hie bei de Papa KLEIN an der Héiséngerstrooss geschlach. Séng Kläder wore voll Bulli an Dreck. Beim Papa KLEIN huet hien aner Gezei kritt. Séng Box a séng aner Wäsch huet d'Madame Klein an de Gaart op d'Léngt gehaang. Dem Yvonne séng Mamm huet an der Noperschaaft gewunnt an huet gläich dem Louis säi Gezei erkannt... Et wor en Zäächen, datt de Louis gutt ukomm wär. Vun der Famill KLEIN as hien an d'Nikolausstroos bei Denglesch Charel komm an zum Schluss sutz hie beim Kuelenhändler DIMMER.

## 24. FEBRUAR 1944

E schwaarzen Dag an der Geschicht vun der Résistenz. 23 Patrioten hun ënner de Kugele vun engem preiseschen Exekutionsploton an der Stäkaul vun Hinzert hir Liewe gelooss. Ënner hinnen och de fréieren Distrikschef vun der L.R.L. Conrad PAULY.

An der Press vum 26. Februar 1944 stong ze liesen:

BEKANNTGABE. Wegen Verleitung oder Beihilfe zur Fahnenflucht, Wehrkraftzersetzung, Feindbegünstigung und Landesverrat wurden standrechtlich erschossen: 23 Nimm... 1 Belsch... 1 Fransous... an 21 Lëtzebuerger.